

## Wat ass den Dys-Positiv?

Den Dys-Positiv ass eng multidisziplinär Ekipp déi op Diagnostik an Interventioun fir Léierstéierunge spezialiséiert ass.

D'Ekipp besteet aus verschiddene Professionellen déi an de Beräicher vun der Psychologie, Orthophonie, Ergotherapie, Educatioun a Pedagogie forméiert sinn.

Gegrënnt ginn ass eise Service 2012 vun der Associatioun Caritas Jeunes et Familles. Haut gi mir iwwer eng Konventioun mam Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend finanziell an eiser Missioun ënnerstëtzt.

## Wien ass eis Zilpopulatioun?

Mir begleede Kanner a Jugendlecher déi zu Lëtzebuerg scolariséiert sinn a Schwieregkeeten a folgende Beräicher hunn:

- Liesen (z.B. eng Dyslexie)
- Schreiwen (z.B. eng Dysorthographie)
- Rechnen (z.B. eng Dyscalculie)

## Wat ass eis Missioun?

Eist Haaptzil ass et, Schüler mat Léierschwieregkeeten dobäi ze ënnerstëtzen, hiert Potenzial ze entfalen. Mir hëllefe virun allem dobäi:

- Lies-, Schreif- a Rechefäegkeeten auszebauen
- Léierstrategien ze entwéckelen
- D'Loscht um Léieren erëmzefannen an dem Schüler säi Selbstvertrauen ze stäerken

## Woura genau besteet eis Aarbecht?

**Eis Aufgab ass et ze evaluéieren, ze fërderen an Iech ze begleeden.**

Mir proposéieren :

- Eng ëmfaassend Evaluatioun mam Zil eng Diagnos ze stellen
- Eng individualiséiert Therapie déi un d'Besoine vum Schüler ugepasst ass
- D'Koordinatioun mat aneren implizéierte Servicer
- Eng spezialiséiert Begleedung fir Elteren a Form vun diverse Berodungs- an Ënnerstëtzungsmoossnamen.

## Wie ka sech un de Service Dys-positiv wenden?

All Elteren oder gesetzlech Vertrieder vun engem Kand mat Léierschwieregkeeten

## Wou fannt Dir eis?

Mir schaffen zu Junglënster an zu Rëmeleng:


- 12, route de Luxembourg
  L - 6130 Junglënster
- 9, rue des Artisans
  L - 3217 Rëmeleng

## Dir braucht méi Informatiounen?

Zéckt net ons ze kontaktéiere fir all Är Froen oder fir ee Rendez-vous:

**Mail : contact.dys-positiv@cjf.lu**
**Tél : +352 26 38 15**
**Websäit : www.dys-positiv.lu**





Diagnostic et aide

# DYS-POSITIV

dys-positiv

CJF
Grandir ensemble
Zesumme wuessen